PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

Ufanks Mäerz huet d'Online-Plattform reporter.lu iwwert Méssstänn bei dem mat mindestens 21 Milliounen Euro subventionéierte Science Center geschriwwen. Dës Méssstänn goufe vun direkt e puer Quellen ervirbruecht an och un eis si Persounen erugetrueden déi, zumindest Deeler, aus dëse Revelatioune confirméiert hunn. Rieds geet vu Verstéiss géint d'Néierloossungsrecht, opaque Finanzstrukturen déi un d'Konstrukt vun der Superdreckskëscht erënneren an e Gérant, dee Suen hin an hir réckelt, wéi et e grad arrangéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi een op myguichet.lu nokucke kann, huet d'Firma keng gülteg autorisation d'établissement. Huet e Procureur d'Etat sech mat der Affär saiséiert, wéi den Artikel 40 vum Gesetz iwwert d'autorisation d'établissement et virgesäit?

2. Wéi schätzt d'Ministesch et an, datt eng Persoun Member vum Verwaltungsrot ass, déi vun der CSSF d'Honorabilitéit oferkannt krut?

3. Ass et am Aklang mam Statut vun der Gemengnëtzegkeet, wann 15 vun 30 Memberen an engem Veräi fir deem säi gréisste Fournisseur schaffen an 10 Weiderer fir de Veräi selwer an domadder de Fournisseur *de facto* iwwert d'Zesummesetzung vum CA entscheede kann?

4. Ass et fir de Gérant vun enger gemengnëtzeger ASBL ubruecht, fir nieft enger Paie um Niveau tëscht engem Staatssekretär an engem Minister och nach eng Paie vun där hirem gréisste Fournisseur ze kréien? Gesäit d'Madamm Ministesch do kee potenziellen Interessekonflikt?

5. Ass et fir ee Gérant vun enger gemengnëtzeger ASBL ubruecht, fir generéis Speserechnungen unzeheefen an dës vun engem Fournisseur vun dëser ASBL bezuelen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten